

30 ten Abrööl 1942 .

N° 13

# De "Freie"

Telefon : N° 12-34

Nationalistescht

Verantwoerdeche Redacter : Dèngens Dömmey

# Lötzeburger

Telegramadr. : Deflö

Oppositio'nsblad

Verwaltong : Prisong am Grond

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

*So' secher we' ons d'Bierger wénken  
könnt d'Freihétssonn èn Dag ons blénken*



Wo! d'Uelzech dûrech d'Wisen zeit,  
dûrch d'Fielsen d'Sauer brécht,  
wo! d'Riew lanscht d'Musel dofteg bleit,  
den Himmel Wein ons mécht;

Dât aâs onst Land ..... dât den 10te Mê von enger preisescher Rei-  
berband iwerfall ass gin. Mir konnten ons net wieren, onse Protest huet  
neischt gedéngt. Bal 2 Jor ass de Preiss elo am Land, en huet geräwt a  
gestuel wat en errêche konnt. D'Resultat : Lötzeburg ass arem we' Job.  
Dach domat wor de Preiss net zefritten. Vun Natur aus Sadist, muss hien  
seng Opfer martyrise'eren, kierperlech a se'lesch. Als frei Lötzeburger  
solle mir dem "deitschen Härevollék" d'Stiwele kössen. Onst freit Verfü-  
gungsrecht gôt ons entzun, so'gûer ons Gedanken gi kontrolléert. Eso'  
weit gêt de Preiss a senger égener Vergöttlechong, dat hien all dénen  
önnerjochte Völker d'Se'l ofsprécht, se behandelt we' bessert Ve'h.

D'Aufgab vun der "L. P. L." soll et sin, de' bedrét Freihêt mat  
alle Möttelen ze verdédegen. We' all ons Flugblieder, soll onst klengt  
Blad bestömmt sin, an onsem le'we Lötzeburg d'Moral ze hiewen, déne Mutt  
ze mâchen de' verzoe wöllen, de' aner an hirem Glaf un e freit Lötzeburg  
ze stierken.

Dausende vu gudde Lötzeburger müssen an der Verbannong d'Konse-  
quenzen vun hirer Hemechtsle'ft droen. - Zwê onser Beschter hu mat hirem  
Blutt, mat hirem Märtyrerblutt, hirt Bekennnes zo' der Hemecht, zem  
Tro'n, zem Altor besigelt.

LOETZEBURGER, SITT HIRER WIRDEG.

Mir lossen ons net versklawen. Mir bleiwen onser Hemecht, onser  
Gro'sscherzogin trei. Mir verzoen net. All Dag dréngt e Gebied erop ge'nt  
Himmel, e Gebied aus 300.000 Lötzeburger Híerzer :

O Du do ûewen, dém seng Hand  
dûrch d'Welt Natio'ne lêd,  
behitt Du d'Lötzeburger Land  
vum frieme Joch a Lêd.

Helleft der "L.P.L.", an dir helleft iech selwer

Die vom Sondergericht zum Tode verurteilten Adolf Claude, Differ-  
dingen und Dominik Dondelinger, Rümelingen, sind hingerichtet worden.  
(Luxemburger Wort v.14-2-43)

I N M E M O R I A M . A.C. an D.D.

13. Februar 1942.

Et ass nun aus :  
Schlot zo'. Dei gre'sste Schmôch go'f ons haut ugedon.  
D'Vollék wält op. Mê 't hänkt un him we' Bleigewicht ..  
Der Deiwl selwer so'tz do mat iech zo' Gericht. ....  
Tyrannenhâs huet Hemechtskanner do'd geschlon. ....

De' waren trei .

Dem Herrgott ömmer trei an No't an Do'd a Léd . . . .

Sech selwer trei, dem Ed zo' hirer Herzogin . . . .

An trei der Hêmecht, hir mat Leif a Se'l ergin. . . .

De Glâwen un hirt Land go'f hinnen d'lescht Gelêt. . .

Sie sin net do'd .

Hirt Bild stêt stârk a fest ge'nt d' Freihêtssonner gericht .

Sie dron fir ons de Freihêtsfûendel blo, weiss, ro'd . . . .

Dürch Schân a Sklawerei, durch Hâs an Nüecht an No't . . . .

Sie fe'ren ons : Hirt Beispill reisst ons all an d'Licht .

..... ein Fehlurteil, ein kalt und überlegt gefälltes und exekutiertes Todesurteil, eine Exektion von Männern, die im nationalen Affekt gehandelt haben, als gemeine Mörder zu verurteilen, das haftet in der Nation unauslöschlich."

(Adolf Hitler an H.Rauschning)

Liest a verbrêd "De Freie Lötzeburger"

--- Adolf hat Geburtstag jehabt ---

Schon wieder steht das 3. Reich im Fahnen schmuck, Wohl wieder ein grosser Sieg ? Doch nicht. Adolf feiert Geburtstag. Für manchen Deutschen, der seit Jahren den Hungerriemen um den Leib geschnürt hat, wäre es wohl eine Gelegenheit gewesen, sich wieder einmal satt zu fressen. Aber's gibt nischt, nischt mit Marken und noch weniger ohne Marken. Und da soll man feiern ? Nun, es genügt ja vollständig wenn die Fahnen jehisst sind, wenn auch der Fahnen schmuck schon eine Gewohnheit geworden ist. Das durch die vielen so rasch aufeinander folgenden Siege so lästig gewordene Auf- und Abziehen der Fahnen hat dazu geführt, dass bei vielen Deutschen das Hackenkreuz überhaupt nicht mehr abgezogen wird, in Abwartung des so längst versprochenen End sieges. Ja, dieser verfluchte End sieg will nicht kommen. Da muss doch etwas nicht klappen.

Adolf, der unfehlbare Führer, hat sich nun an die Spitze der Wehrmacht gestellt, diese und jene Generäle, die es nicht fertig gebracht haben den Russen den Jnadenstoss zu jeben, abgesetzt und mit General Frühling ein Bündnis geschlossen. Und nun wird sich der letzte Akt abspielen. Ach, jetzt fällt mir's ein. Die Engländer und die Amerikaner wollen doch auch 'ne Frühjahsoffensive machen. Zum Teufel. Dann wird die unsrige wohl ins Wasser fallen. Herrjott, schmeiss Bomben herunter aufs Hauptquartier, wir brauchen keine Siege mehr. Nimm zu Dir die Verückten, die Schuld an unserm Elend sind. Befreie die Unterjochten, die unschuldigen Opfer unseres Wahnsinnes.

Unterdessen lässt sich unser aller Adolf eine jut gebratene Jans auftischen (natürlich ohne Marken) und überhäuft uns zum 100. mal mit den unglaublichesten Versprechen. Mit seiner Neuordnung hat er für die Reichen den Schwarzhandel, für die Armen das Hungern einjeführt. Nun jut, Adolf, du kannst dir's leisten. Friss deine Jans, friss sie janz. Lass sie dir jut schmecken. Deinen nächsten Geburtstag wirst du nicht mehr feiern; wir aber werden Jänse fressen, froh deiner loss zu sein.

Heinz Knoblauch

Lötzeburger , vergiesst net den 10te Më

--- Dem Hitler seng gro'ss Ried vum 26ten Abrööl ---

D'ganz Welt wor verwonnert, dat den Hitler e puer Meint d'Maul gehalen huet. Ursache schold. Vu wat hätt hie k'onne schwätzen ? Ké Sieg ne'eren an Aussicht. Dûerge'nt sin an der leschter Zeit töschen dem Führer a seuge Generel Ménongs verschiddenhêten entstânen, iwer de' den Adolf, als "Oberster Feldherr", sech net mir net dir net ewegsetze konnt. Am Wollék wor eng Onzefriddenhêt ze mierken dodurch, dat et vun Dag zu Dag op eng me' schwe'er Pro'f gestallt gôt. Gewôssen dichteg Fabróksdirekteren sin ofgesat gin, well sie et net fierdeg brûecheit hun eng Produktion ze errêchen de', an dem Hitler sengen Aen, als e Minimum betrûecheit ass gin. Aner Direkteren a Fabrikanten hun eng schwe'er Schneiz kritt a sollen, wa sie keng Wonner schafan, an d' Konzentrationslager geheit gin. Beamten hu sech beschwe'ert, dat sie nach ömmer op hiren "Urlaub" werden an hu gesot hir Gesondhêt geng zem Deiwel, wa sie net e puer Wochen ausgespant ge'wen.

All de' Sâchen (fir nömmen des ze nennen) hun den Hitler aus dem Heis'che brûecheit. O'ni ze zécken huet hien de Reichstag zesüeme geruff fir d' Geléenhêt ze kre'en nes eng Ke'er op de' déck Tromm ze schlön an dem Vollék beizebréngen, dat et an desem Jor nach vill me' muss léschten

fir dem Endsieg me' zo ze kommen.

A senger Ried, de' eng déck Stonn gedauert huet, huet den Hitler nes iwer seng e'scht gro'ss Siege geschnösst, de' énzig an der Geschicht do sténgen. Natirlech konnt hien dem Vollék net verhémlechen, fir wat de Krich a Russland nach net eriwer ass. Schold un dém lange Streid, sot hien, wor dën ûerge Wanter mat 50° Kélt wo' den deitschen Zaldot, dën un eso' e Klima net gewinnt wor, Wonner geléscht huet. En huet zo'gin, dat d'Organisatio'n net perfekt wor; duerge'nt huet hie beto'nt, dat hien elo schon derfir gesürgt huet, dat am nächste Wanter alles ge'f klappen. Sche'n Aussichten fir d'deitscht Vollek, dat sech erward hätt de Führer ge'f him an desem Summer den "Endsieg" bréngen. Amplätz, we' am leschte Summer, sech iwer vollständig geschlagene Bolschewiken löschtet ze machen, huet hien des Ke'er de Russ als e Koloss duergestallt, dém seng Reserven a seng Kräft nach läng net um Enn sin.

Dúerno huet den Hitler de Spunnes gemächt mat dèr geplangter englescher Offensive. Wat England an dèr Hinsecht léschte kann, sot hien, huet sech bewisen zu Bruneval an zu St.Nazaire, wo' seng Zaldoten mat schwärze Gesichter a mat Gummissüelen erugeschlach an, eso'bal d'Wehrmacht dertöschent ko'm, nes hurteg ugedréckt sin. De' Wiederer hun de' Hären Abgeordneten natirlech lache gedon, nömmen net de' vu Köln, Lübeck a Rostock, de' d'Explosio'ne vun den englesche Bommen nach an den O'eren haten.

Iwer d'Bombarde'ree vun deitsche Stied wosst den Hitler nömmen dät hei ze son : Wann den Churchill net ophällt ons Stied ze bombarde'reen, da bombarde'ree mir seng och. Nén, we' ass den Adolf op èmol erof komm. An der Zeit huet e behapt fir all Tonn englesch Bommen ge'f hien 200 - 300 - 400 Tonnen erem, de' englesch Stied ge'f hien "ausradieren". D'Engländer warden nach ömmer drop.

Fir der Onzefridenhét vun e puer dausend Leid è fir allemol en Enn ze machen a mat der gre'sster Energie ge'nt all de' virzegon de' sech enger Sabotage beschöllegen oder net amstand sin de' virgeschriwe Produktio'n ze errechen, huet den Hitler vum Reichstag d'Vollemacht verlängt, sech iwer all Gerichter ewegsetzen, d.h. perse'nlech als "Oberster Gerichtsherr" optrielen ze können. Wie vun den Abgeordneten hätt sech erlabt ge'nt dè Virschlag ze stömmen ?

Dät wornen d'Haptponkte vum Hitler senger gro'sser Ried. D'Situatio'n ass also de' elei : Eng Fre'jorsoffensive muss gemächt gin. Ge'nt wien ? Ge'nt d'deitscht Vollék selwer. Den Hitler ass Här a Meschter a seng Parteigenossen Himmiller, Bormann, Sauckel a.s.w. spille mam Liewe vum deitsche Vollék. Wann e Mann, we' den Hitler, we'nt enger klenger Minoritét vun Onzefridenen, we' hie sech selwer ausgedréckt huet, eso' weit muss gon ..... dann ist etwas faul im Staate Deutschland.

Gespänt ward d'ganz Welt op d'Resultaten de' sech aus dèr Vollemacht ergin.

### Verbréd de "Freie" Lötzeburger am ganze Land

--- ENDRAM ---

Zwé Jor sin ewell verschwonnen  
ma ech wés nach ganz gené,  
wat mir d'Ro' net konnt vergonnen  
démols op den 10 te Mé.  
O'ni Angscht an o'ni Süergen  
lei'n ech an de Plaumen nach  
we' en Dram mir, fre' am Müergen,  
mierderöscht huet d'Hierz gebrach.  
Ech gesi mech nach do leien,  
mat mir selwer déck am Streid,  
we' a lange, lange Reien  
Wandleis kommen vun all Seit.  
Wandleis schaffen nüets we' De'wen.  
Si sie net de' beschte Frönn?  
Wann è falsch ass bis un d'Ze'wen  
huet è Guddes net am Sönn.  
Deischter we' eng Wiederwollék  
an der klofrer Fre'jorsnüecht,  
huet dät Ongeziwervollék  
frech sech vrun ons Dir gelüegt.  
No gezun hu sie Kano'nen  
a vill aner Sáchen nach.  
Ké Mönsch wölle sie verscho'nen,  
wie sech wiert dè gót erstach.

Och den Himmel kann net bleiwen  
onbehellegt vun der Band,  
d'Leis mat Blutt doranner schreiwen  
we' sie wâchen iwer d'Land.  
Hei fänkt un de Pâk ze scheissen  
mat Kano'nen a mat "Flak",  
d'Hierz ass mir gerötscht zu Fe'ssen  
mat dém Boum, Boum, Tack, Tack, Tack.  
De'f an d'Bett ech mech verkreichen,  
ruffe gidfer Hêl'gen un,  
ower d'Wandleis güer net weichen,  
träppweis kommen s'ugezun.  
A sie stiechen a sie beissen,  
ze'e mir d'lescht Dröpps'che Blutt,  
't ass fir d'Hor sech auszereissen,  
ze verle'eren de Mutt.  
Fir de Leis de Bass ze halen  
wiren ech mat Fe'ss an Hänn,  
baufdeg aus dem Bett ech falen  
a mein Dram en ass zu Enn.  
A wat wornen all de' De'er  
de' ech hätt am Dram gosin?  
Deitsch Zaldoten, Offize'er,  
Wandleis de' op Blutt ausgin'.

Benny

De Minettsbasseng stêt am Zêchen vun der "KARTEI".

Stol an Eisen sin de Symbol vun der Minettsgegend. Aus Stol an Eisen ass de Charakter vu senge Bewunner. De Gaul eiter a seng Clique hu sech bluddeg Käpp geholl, we' se d'Experiment mat der Kartei am Minettsbasseng probe'ere wollten. Wann d'Sâch net eso' tragesch wir, et keim en net eraus aus dem Lâchen iwer all do' Tricken, mat dénen d'Preisen geûzt gin. Mir wollen aus dem Vollen e puer Exempel zite'eren :

En ale Mann refuse'ert op d'Gemeng ze gon fir seng Deklaratio'n ze machen. Zwe! preisesch Polizisten stellen hié mat Gewalt virun hiren Auto a force'eren hien eso' op d'Gemeng ze gon .

An enger Uertschäft lossen d'Leid sech strôsseweis vun der Polizei op d'Gemeng fe'eren; et huet over kôn énzeigen seng Pabeieren an der Rei, so' dat all Arbecht ömmesoss wor .

Zo' Nidderkêjéng muss e Wirt d'Jalusien vu senger Wirtsstuff erof lossen, dat nömme kô Lötzeburger kontrole'ere kann wie freiwölleg op d'Gemeng gêt .

Eng jong Lötzeburgerin, mat engem Ortsgruppenführer bestued , muss durch 2 Polizisten op d'Gemeng gefo'ert gin .

En einfachen Arbechter gôt von engem Frönd opmierksam gemücht , dat eng Bo's vu 50 Mark iwer de' verhânge go'f, de' net op d'Gemeng si gângen. En äntwert : "Vrun e puer Jor hu vill Preisen 5000 bis 7000 gutt lötzeburger Frange bezüelt fir d'E'er Lötzeburger ze gin . An ech soll keng hong-rech 50 preisesch Mark opdreiwen fir Lötzeburger können ze bleiwen ?"

Mir können den Hutt ze'en virum Minettsbasseng. Seng Awunner hun d'Schlüecht ewell gewonnen, o'ni op d'Höllef vun dem Rescht vum Land ze warden .

E "Feigling" , dèn do nach zéckt .

O, Adolf , wat hûes du dech schwe'er versin ,  
fir dech si mir net geweckelt gin .



--- Ons Klacken ---

Mir brauche kengem Lötzeburger me' ze son, wat eng Verüerdnong ass. Et ass dât wat mer nach, ausser Rén a Schne', o'ni "Bezugsschein" kre'en. All Dag stin Verüerdnongan an der Zeidong a gi vun enger gleichgeschalter Press mat engem richtego Genoss kommente'ert, op se wichteg schéngan oder net. Dürfir si mir dûebel verwonnert, dat der Press virun e puer Wochen eng Verüerdnong entgong.

No deser Verüerdnong sollen nämlech ons Klacken erofgeholl an ageschmollt gin.

Fir wat go'f de' Verüerdnong net kommente'ert ? Mir können dach net glêwen, dat ons "Beschützer" eng Revolt vun déne puer Lötzeburger färten. Lötzeburger . Ons Klacke solle verschwannen .

De Bourdon, e Stéck al Lötzeburg, soll verstommen .

De Po's fir ons Do'deg gôt wahrscheinlech mat e puer Pabeiermarke gelaut.

Ma ent ass secher. Fir den Dag wo' don Hitler mat senger ganzer Band fir ömmer verschwönnt, würde mir am Land nach eng oder de' aner Klack fan-nen, de' hinnen e schauregt "Memento" norifft mat enger Stömm, de' weit iwer ons Grenze klénkt.

All Klackesel, et se'f dönn oder déck ,  
gôt spe'der fir d'Preisen e sechere Stréck .

--- Bre'fköscht ---

Vu Gold ass agângen :

Köndel : 100 Fr.

7 nei Memberen vun der L.P.L. : 700 Fr.

Preisefre'sser : 250 Fr.

Villmols merci .

Kiewerléck, Dummeldéng : De' 2 "Freiwölleg" si vun deitschen Elteren. Bumsky, Re'mech : Ere Mätty ass a Secherhét .

Lötzeburger . Kaft patriotesch Biller an Ofzéchen. Dir mächt e gutt Wierk . - Ze kre'en an der Redactio'n vum "Freie Lötzeburger" .

Lötzeburger . Er Plätz ass an der L. P. L.